ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 5. Abrëll 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Bannescht Sécherheet weiderzeleeden.

Duerch Onregelméissegkeete fäerten déi néng Brigadiere vun der Promotioun 27, déi den 13. Dezember 2016 vereedegt gi sinn, datt si finanziell an och wat hir Karriär ugeet hiert Liewe laang benodeelegt wäerte ginn. D'Polizisten hu sech dowéinst anscheinend och un eng Gewerkschaft gewannt. Wat d'Detailer ugeet, wollt ech dem Minister fir bannescht Sécherheet dës Froe stellen:

1. Ass de Minister sech bewosst, datt déi néng Brigadiere vun der Police vun der Promotioun 27 net zäitgerecht agestallt goufen an dowéinst en aneren Aarbechtsvertrag hu musse verlängeren?
2. Kann de Minister bestätegen, datt dee Retard, wat hir Vereedegung an och hir Astellung ugeet, op en administrative Feeler zeréckzeféieren ass?
3. Wa jo, si Mesure getraff ginn oder si Moossname geplangt fir déi Ongerechtegkeet, wat d'Pai an d'Karriär vun deene Leit ugeet, integral a fair ze kompenséieren?
4. Huet de Minister berechne gelooss, wat fir Auswierkungen op d'Karriär vun deenen néng Leit deen administrative Feeler bedeit? Kann hien dee Betrag chiffréieren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser

Deputéierten